

Aussepolitesch Debatt an der Chamber 2018

Ried vum Laurent Mosar, CSV

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

Genau virun 100 Joer, 1918, ass den Éischte Weltkrich op en Ënn gang. E gëtt dacks als d'Urkatastroph vum 20. Joerhonnert beschriwwen.

Haut, honnert Joer méi spéit, an engem Moment, wou och d'Zuel vun den Zäitzielen vun der zweeter grousser Katastroph vum leschte Joerhonnert, dem Zweete Weltkrich, all Dag méi kleng gëtt mussen mir eis alleguerten froen: Hu mer aus der Geschicht wierklech ëppes geléiert oder net?

Leider, Här Präsident, mengen ech, datt éischer dat Zweet wouer ass. An datt mir wäit wech sinn vum „Eiwege Fridden“ oder vum „Enn vun der Geschicht“. De Mënsch ass nun emol sou, wéi en ass. An duerfir wäert et och nie sou sinn, datt de Fridden an d'Fräiheet, d'Gerechtigkeit an de Wuelstand de Naturzoustand wäerte sinn. Am Géigendeel: sie müssen vun all Generatioun ëmmer rëm nei politesch erronge ginn.

Här Präsident,

E bekannten däitschen Televisiounsjournalist huet mol eng Kéier gesot: „Die Welt ist aus den Fugen.“ Ech hu mech un dat Zitat erënnert, wéi ech dem zukünftigen däitschen Ex-Ausseminister Sigmar Gabriel seng iwwregens exzellent Ried nogelauschtert hunn, déi en op der Sécherheetskonzferenz zu München gehalen huet. A wou hien vun enger „Welt am Abgrund“ geschwaat huet.

Och eisen Ausseminister huet virun e puer Deeg am Kontext vum bluddege Bierkrich a Syrien vun engem neie Mëttelalter geschwat.

Här Präsident,

steet dëss Welt tatsächlech virum Ofgrund? An ass se sou zersplittert, wéi vill Observateurën – op elo zu Davos oder op anere Plazen - eis dat wëlle gleewe loossen. Ass dat aussepolitescht Glas hallef eidel oder awer hallef voll? A wat ass d'Roll vun Europa an dëser ëmmer méi opgewulltener Welt? A wat fir eng

Roll kann e Land wéi Lëtzebuerg op der europäescher, awer och op der Weltbühn do iwwerhaapt nach spillen?

Op dës komplex Froen wäert ech versichen an deene nächste Minuten eng Äntwert ze fannen.

Här Prääsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

virun e puer Deeg sinn d'Olympesch Wanterspiller zu Südkorea op een Ënngang. An domadden och dee sougenannten olympesche Friden, deen zumindestens während deene puer Deeg déi brandgeféierlech Eskalatioun ëmt d'nordkoreanesch Atom-Oprüsten gebremst huet. Ech begréissen iwwregens an dem Kontext, datt och den diplomatesche Wanter tëschent Pyongyang a Seoul op een Enn ze goen schéngt. Zumindest ass d'Äis am Gang ze schmelzen, wat - am Géigesaz zum Klimawandel - hei eng gudd Saach ass.

Nach muss een hei ganz virsechteg sinn, wann een déi zwee Hauptpersonagen vun dësem Konflikt kuckt, déi Hären Kim an Trump. Mee loosse mer eis net bekloen: hei schéngt et zumindest zu enger temporärer Berouegung vum Konflikt ze kommen.

Vu Berouegung an Deeskalatioun keng Spuer gëtt et dogéint am Noën Osten. Wëll souwuel de Syrienkonflikt wéi och dee bluddege Krich am Jemen ginn all Dag ongebremst wieder. An ech wäert an deene nächste Minuten nach drop ze schwätze kommen.

Och déi ëmmer méi grouss Féierungsuspréch u China, d'Muechtusprech vu Russland, eng Renaissance vu Nationalismus a Protektionismus, all dës Phänomenen sinn am Gangen eis Weltuerdnung gehéiereg ze rësselen. Mat Konsequenzen, déi am Moment net ofschätzbar sinn.

Mir sinn eis alleguer eeneg, datt mer eis an dësen Zäiten an enger schicksalhafter Entwécklung befannen, déi eis méi wéi jee och a ganz besonnesch als Europäer mat enormen Herausforderungen konfrontéiert, fir déi grouss geopolitesch Weiche vum 21. Joerhonnert richteg, also multilateral ze stellen.

Op där anerer Säit soll een awer net verstoppen, dass et och an der Aussepolitik an deene leschte Joeren dach zu enger ganzer Rei vu positiven

Entwecklungen komm ass. Sou huet déi international Gemeinschaft zesummen eng multilateral Äntwert op d'international Finanzkris vun 2007 an 2008 ginn.

An dann solle mer net vergiessen, datt et awer zu engem Atomofkommen mam Iran komm ass, wat sécherlech net perfekt ass, mee wat trotzdem dozou geféiert huet, datt d'Situatioun vläicht e bësselche manner geféierlech ass, wéi nach virun enger Rei vu Joeren. Mee d'Perfektion gëtt et an der Aussepolitik quasi nie.

A schlussendlech loosse mer eis awer och nach eng Kéier drun erënneren, datt et zu Paräis zu engem historeschen Accord iwver Klimaschutz komm ass, aus dem d'Vereenegt Staaten vun Amerika leider wëllen erausklammen.

Här Präsident,

Bei all dem stelle mer awer erëm e Retour en force vu nationalen Egoismen fest. Mir gesinn och, datt de Populismus a ganz ville Länner an der Welt an awer och ronderëm eis fulgurant Succèsen afiert. Ech denken hei elo direkt un déi rezent Walen an Italien, op déi ech duerno nach wäert ze schwätze kommen.

Mir gesinn, datt et an ëmmer méi Länner eng Atmosphär vu Polarisatioun gëtt, déi schlecht fir de gesellschaftleche Mateneen ass. Dëst féiert derzou, datt vill Mënschen haut total veronséichert sinn an duerfir d'Gefoer méi grouss, datt se allméglechen Menschefänker a Populisten op de Laim ginn.

Ech sinn allerdengs, Här Präsident, ëmmer méi dovun iwverzeegt, datt all dëss extrem Erausforderungen, déi sech aus der Globaliséierung erginn – an dozou gehéiert an éischer Linn déi vun der Migratioun – nëmmen kënnen gemeinsam an Zukunft geléist ginn.

D'Geschicht säit dem Réimesche Räich an dem Bau vun der Chinesischer Mauer huet eis geléiert, datt eng reng Ofschottungspolitik net hëlleft, d'Grenzen ze schützen. Wann dat schons an der Antik an am Mëttelalter richtig war, sou ass et dat an eiser transnationaler Welt vun haut a muer nach vill méi!

Mir brauche villméi e gudd Mateneen mat eise Noperen. Mir brauche, wa méiglech multilateral Ofkommen, a wann déi net méiglech sinn, zumindest bilateraler.

Mir an ech gleewen, datt bei allen Erausfuerderungen, déi sech eis stellen, Protektionismus sécherlech déi falsch Äntwert ass. Ganz einfach, wëll e net méi funktionnéiert. An ech sinn och der Iwwerzeegung, datt mer ëmmer virum allem op multilateral a net unilateral Léisungsweeër solle setzen. Well déi unilateral schlussendlech just an dat politescht a wirtschaftlecht Abseits féieren.

„Creating a Shared Future in a Fractured World“ war dëst Joer de Motto vum World Economic Forum zu Davos. Dëse Motto gefällt mer extrem gudd, well en den Akzent op dat Wuert “Shared” setzt, also „Deelen“. Eng gedeelte Zukunft an enger Welt, déi ëmmer méi zersplittert ass. A fir dëss gedeelten Zukunft hu mir alleguer och eng gedeelte Responsabilitéit.

A wëll ech eigentlech vu Natur aus éischer en optimistesche Mënsch sinn, wëll ech eigentlech ewëch kommen vun deenen dach méi pessimistesche Signaler, déi eis an de lëschte Wochen vun der Münchner Secherheetskonferenz entgéint komm sinn, an d’Tonalitéit wieselen a Richtung vun deenen méi optimisteschen Téin, déi mer aus de Wirtschafts-, an awer och aus de politeschen an wëssenschaftleche Kreeser vum Schwäizer Davos héieren hunn.

Här Prääsident,

mee wëll d’Weltpolitik leider kee Wonschconcert ass, bleiwen ech bei allem Optimismus awer Realist genuch, fir der geopolitescher Wierklechkeet direkt an d’Aan ze kucken. Wëll nëmmen sou kann een se richteg beschreiwen. An domaanen och langfristeg zum Gudde dréien.

Ech wëll mech nämlech an deene nächste Minuten virum allem mat där internationaler Situatioun beschäftegen. Sou wéi se haut um Terrain ass. Ganz besonnesch mat där op engem ganz schwierigen Terrain: dem Noën Osten.

Da wëll ech mech awer och mat eenzelnen anere Kriseregionen beschäftegen. Ouni awer déi fir mech wichtegst Erausfuerderungen, nämlech déi vun der Migratioun an awer och déi vum Terrorismus, a ganz besonnesch deen, deen aus de radikal-islameschen Ecken kënnt, ze vergiessen.

Schlussendlech well ech mech dann awer och nach mat der Zukunft vun Europa beschäftegen.

Ier ech awer zu deenen eenzelne Punkten iwwerginn, wollte ech dem Ausseminister Merci soen fir seng Deklaratioun vu geschter, déi eigentlech en äusserst komplett Bild vun der geopolitescher Situatioun op eisem Planéit gezechent huet. Dat erlaabt mir dann och, méi gezilt meng Schwéierpunkter ze setzen.

Vu datt et dann och déi leschten aussepolitesch Erklärung an dëser Legislaturperiod vum Ausseminister ass, well ech him dann awer och e grouse Merci soen fir säin Asaz an Engagement am Interessi vun der Lëtzebuerger Aussen- an Europapolitik.

Och wa mir net ëmmer mam Ausseminister op enger Linn luchen a leien, sou erkennen mir awer säin onermiddlechen Asaz fir déi aussen- an europapolitesch Saach un. Hie ass net nëmmen fit um Velo, mee och um Bureau, am Flieger oder um Verhandlungsdësch. D'Differenzen, déi mir mam Ausseminister hunn, déi sinn och manner däer vum Fong, wéi villméi däer vun der Form.

Wëll mir et net ëmmer glécklech fond hunn a fannen, wéi hien iwwer responsabel Politiker vu befrëndte Staaten an deenen diversen Medien geschwat huet. Hei wäer heiansdo manner méi gewiescht. Och divers Optrëtter an däitschen Talkshowën ware net ëmmer zilféierend.

Vläicht e bësse manner Bauch-, Här Ausseminister, an duerfir e bësse méi Kappgefill. Ganz besonnesch an der Diplomatie kënnt et net op Schlagwierder an de Schlohummer un, mee op Substanz a Fangerspëtzegefill un.

Här Präsident,

erlaabt mer doriwwer eraus am Ufank e generelle Constat: Déi Welt, an däer mer haut liewen, ass net méi vergläichbar mat däer vum Kale Krich, well se villméi komplex ginn ass. A well et eigentlech keng wierklech Weltmuechten oder Weltpolizisten méi ginn. Ech hat iwwregens och schon dat lescht Joer bei menger Interventioun heivunner geschwat. Dat huet dann och zur Konsequenz, datt mer dëser komplexer Wierklechkeet och mussen mat komplexe

politeschen Äntwerte begéinen. Och wann dëss Nuance-Politik méi schwéier wéi Schwaarz-Wäiss-Populismus ass.

Wat mer haut ëmmer méi musse feststellen ass, dass et a sech ëm eng Konkurrenz zwëschent zwee System-Komplexer geet: nämlech op där enger Säit déi entwéckelt Demokratieën an op där anerer Säit den Autokratieën.

Als iwwerzeegtenen Demokrat gleewen ech, dass à la longue déi liberal Demokratieën sech wäerten als iwwerleeën erweisen. Ganz einfach, well et an der Natur vum Mënsch läit, dass e wëll fräi sinn. A nëmme d'Fräiheet him och déi noutwendeg Kräfte gëtt, fir de Fortschrëtt ze entfaalen.

Et wäert haut an an Zukunft als och a virun allem ëm déi Fro vun der Stellung vun der Fräiheet an der Demokratie an der Konkurrenz mat autokrateschen Regierungen goen.

Fir mech ass et awer evident, dass mer all Dag ëmmer rëm fir eise Système vun enger liberaler Demokratie kämpfen an haaptsächlech och de Bierger dobaussen iwwerzeegen, dass dëst fir hien a seng Fräiheet déi beschte Form ass. Ouni awer duerfir an déi geféierlech Logik vum Kale Krich zeréckzefaalen.

Et mecht mer doriwwert eraus Angscht, wann ech Ëmfroen liesen, wou am europäeschen Grënnungslänner eng Majoritéit vu Befrotenen hir Bewonnerung ausdréckt par rapport zu engem Wladimir Putin an dëse méi populär ass wéi vill vun de Féierungsperséinlechkeeten an der Europäescher Unioun.

Dëst soll eis ze denken ginn. Och a ganz besonnesch aus den Erfahrungen vun der Geschicht, déi eis weist, dass eng liberal Demokratie keen *droit acquis* ass. Beispiller ginn et och an der rezenter Geschicht méi wéi genuch.

Vläicht ass d'Lektoun heiraus jo déi, fir och als Demokraten méi positiv populär ze ginn. Fir aus der Politiker-Bubble eraus op den Terrain bei d'Leit ze goen. Ouni duerfir awer an dat Negativt-Populistesche ofzedriften.

Eng zweet méi generell Remarque, déi ech wollt maachen, ass dass déi nei Rohstoffer an Zukunft net méi de Petrol, de Gas oder d'Eise wäerte sinn, mee d'Daten wäerten de Rohstoff vum 21. Joerhonnert ginn.

An ech sinn dervun iwwerzeegt, dass an Zukunft déi Fro, wem d'Daten dann *in fine* gehéieren, schlussendlech wäert doriwwert entscheiden, op d'Demokratie, d'Participatioun, d'Souverainitéit an digitalen a wirtschaftlechen

Erfolleg zesummeginn. Wëll wien d'Date kontrolléiert, kontrolléiert och soss ganz vill.

Mir hunn haut an hei an Europa nach net eis definitiv entscheed, wéi mer mat Daten sollen ëmgoen. An duerfir ass d'Gefoer grouss, datt mer alt rem eng Kéier riskéieren, den Uschloss un den Daten-Zuch verpassen.

Mir müssen hei akzeptéieren, datt dëss Daten d'Rohstoffer vun eisem Joerhonnert sinn. An datt mer dëss Daten op kee Fall kënnen eenzelen grouse Multinationalen iwverloossen. An dat soen ech onofhängeg vun den abléckleche Chamberleaks.

Här Präsident,

ech wëll dann meng geopolitesch Rees an där leider nach ëmmer gréisster Kriseregion, nämlech am Noen Osten, ufänken.

Wéi mer d'lescht Joer d'ausepolitesch Debatt hei haten, war ganz besonnesch d'Situatioun vun Aleppo a Syrien e Sujet. Och haut bleiwt Syrien d'Haauptsuergekand am Noen Osten.

Momentan kinnt et zwee absolut Krisegebidder an dësem Land. Dat ass op där enger Säit am Ost-Ghoutha – dat heescht paradoxerweis iwwregens „Oas“ op Arabesch - an op där anerer Säit d'Region vun Afrin a Nordsyrien. Och hei muss een rëm feststellen, datt et den Afloss vun auslännesche Mächten ass, dee mecht, datt d'Situatioun sech zouspëtz. Als Beispiel wëll do den Ugrëff vun der Türkei op d'YPG huelen. Mee ech kinnt och russesch Beispiller nennen.

Et giff eis haut an hei ze wäit féieren, op den Ursprung vun dësem Konflikt anzegoen. Ech well just op dësem Punkt dräi Observatiounen maachen:

Eischtens ass d'YPG mat den Amerikaner an anere westlechen Alliéierten virbäi am Kampf géint den IS gewiescht. An et ass notamment dank de kurdeschen Truppen um Bueden, datt dee Konflikt géint den IS positiv ausgangen ass.

Et ass duerfir fir meng Fraktioun an och fir mech total inakzeptabel, datt d'YPG lo faale gelooss gëtt vun der quasi gesamter westlecher Welt. A vun engem Natopartner, en l'occurence vun der Türkei souguer hei ugegraff gëtt. Mir vergiesse jiddefalls net, datt d'YPG eis „Boots on the ground“ waren. A fir eis net just hier Boots, mee och hire Kapp duergehalen hunn.

Zweete Constat a Remarque, onofhängeg vun der Justificatioun vun dësem Ugrëff: et ass nach méi inakzeptabel, datt hei den Accès fir humanitär Organisatiounen net garantéiert ass. An datt vu Säiten vun der Türkei alles gemaach gëtt, fir keng Hëlleforganisatiounen ranzeloossen.

Drëtt a lescht Remarque heizou: et ass fir eis och schwéier ze akzeptéieren, dass déi Ugrëffer mat däitschen Panzeren gemaach ginn. An ech mengen, datt mir eis och eng Kéier müssen an der Europäescher Unioun doriwwer eens ginn, wéi eis europäesch Partner an Zukunft mat dëse Waffeliwwerungen ëmginn. Dat Selwecht gëllt awer och a fortiori fir den Emgang mat Waffeliwwerungen innerhalb vun der NATO.

De kruziale Punkt ass, datt an där Region no bei Damaskus, also de Ghouta orientale, d'Situatioun extrem oniwwersiechtlech ass. An et ass och extrem schwéier erauszefannen, wat hei genau um Terrain vir sech geet.

Dat wat kloer schénkt ze sinn, ass datt d'syresch Arméi mat Ennerstëtzung vun där russescher versicht, an dësem Deel vum Land déi oppositionell Gruppen, déi sech hei verschanzt hunn, ze verdreiwen. Hei gëtt déi selwecht zynesche Strategie benotzt, wéi zu Aleppo, an deem déi Dealer vun der Stad, wou dëss Kräfte sech befannen, gezilt bombardéiert ginn. An et schwätzt viles duerfir, datt dat net just mat konventionelle Bommen, mee och mat Gëftgas geschidd ass.

Op där anerer Säit schengt et dann och sou ze sinn, datt dëss oppositionell Kräfte d'Zivilbevölkerung – an dobäi dacks och Kanner - als Schutzschëlde benotzt géint dëss d'Zort vun Ugrëffer. An et esou och dëser Zivilbevölkerung et erschweiert, fir dëss Quartierën ze verloossen.

Déi nächst humanitär Katastroph steet also rëm virun der Dier. Wat awer all déi konzernéiert Parteien vun dësem Konflikt leider net dovun ofhält, fir op Käschten vun der Zivilbevölkerung hirer knaschtege Krich virunzeféieren.

Leider gesinn ech hei net vill Hoffnung, wat eng Verbesserung vun der Situatioun ubetrëfft, well et virun allem hei jo och ëm e Stellvertriederkrich tëschen den Amerikaner an de Saudiën mat hirern Alliierten géint de Regime vum Präsident el-Assad a sengen Alliierten Russland an Iran geet.

Wann een hei also wëll wierklech weiderkommen, da muss een also och direkt mat Moskau an Teheran schwätzen. Grad wéi och mat Washington a Ryad. An

iwwregens och mam Damaskus vum Här Assad. Dat därf een net der AfD an aneren Hasardeurën iwwerloosen. Wëll mir sinn eis eens: den Assad ass ee brutalen Diktator mat engem autokratesche Regime. Mee dat sinn anerer och an dëser Regioun. A wa mer an der Aussepolitik just nach mat luperengen Demokrate schwätzen, da stousse mer souguer an Europa séier un eis realpolitesch Grenzen.

Dëse selwechte Stellvertriederkrich fanne mer iwwregens och an engem anere Land rëm, wou fir mäin Empfangen vill ze wéineg an den internationale Medien an domadden och an der Politik geschwat gëtt: ech schwätzen hei vum Jemen, wou et ëm e Krich zwëschent Sunniten a Schiiten geet. An domadden rëm eng Kéier och ëm e Stellvertriederkrich tëschent Saudi-Arabien an dem Iran. Dëse Krich ass ganz besonnesch brutal. An d'humantiär Situatioun ass laut internationalen Organisatiounen, virop der UNO, absolut katastrophal.

Wat awer hei nach derbei kënnt, ass, datt et sech hei ëm een extremt aremt Land handelt, dat keng wichteg Rohstoffer huet, sou datt den Interessi vun anere Groussmuechten sech hei an iwwerschaubaren Grenzen hält. Dëss bewosst zynesch Formulierung entsprécht eigentlech därer net manner zynescher Grondhaltung vun dee genannten Groussmächten. Well och am Jemen gëtt de Krich mat westleche Waffen geféiert. A grad sou wéi a Syrien ass och keen Enn vum Krichsdreiwem ze gesinn.

Dat drëtt Land, wou d'Situatioun sech leider och net verbessert huet, ass den Afghanistan, wou d'Onsecherheet zouhëllt a wou d'Talibanën erëm am Gang sinn, ëmmer méi ee groussen Deel vum Land ënner hir Kontroll ze brengen.

En kleng Hoffnung gëtt et dann vläicht awer, well den aktuellen Prääsident a seng Regierung d'Talibanën wëllen als e politeschen Akteur unerkennen an dann hoffentlech mat un de Verhandlungsdësch huelen. Duerfir bleiwt eng Präsenz vun der UNO a vum Westen um Hindukusch mëttelfristeg onverzichtbar.

Dat eenzegt Land an dëser Regioun, wou sech am Moment d'Situatioun e bësse berouegt an och stabiliséiert huet, ass den Irak. Och wann d'Secherheet an enger ganzer Rei vu Regiounen nach net garantéiert ass. Mee ëmmerhin: dorop kann een opbauen.

Här Präsident,

Wann ee vum Noen Osten schwätzt, kënt een natierlech och net dolaanscht de Konflikt tëschent Isarel a Palästina ze thematiséieren, wou duerch déi unilateral Unerkennung vun der Trump-Administratioun vun Jerusalem als Hauptstadt vun Israel dëse Konflikt rëm eng nei Tournure geholl huet.

Den Här Ausseminister huet och gëschter rëm seng auseepolitesch Ried mat Palästina ugefagen. Dobäi ass dat definitiv net de gréisste Brennpunkt vun der Weltpolitik an der heiteger Zäit.

Här Ausseminister, Dir kritiséiert zu Recht déi elo grad genannten unilateral Decisioun vum US-Präsident Trump a Saache Jerusalem. A mir maachen dat och.

Mee eiser Meenung sidd och Dir ze eesiteg an dësem Konflikt. Dir hudd gëschter zwar kuerz vum Existenzrecht vun Israel geschwat. Dir hudd och kuerz den Hamas kritiséiert. An direkt drop schon entschëllegt a relativiséiert.

An dann praktesch nëmmen Israel kritiséiert. A kee Wuert vu Kritik a Richtung Palästinenser gesot. Zum Beispill, wat d'Tatsaach ugeet, datt den Här Abbas nach nie eng Wal bestan oder organiséiert huet.

Dëst ass net zilféierend. Dat Selwecht gëlt fir déi net akzeptabel Kritik vun der « Apartheid », déi en plus einfach faktesch falsch ass. Wëll an der Knesset ass déi drëttstärkst Partei déi arabesch Partei. A par ailleurs sinn déi arabesch Bierger an Israel iwwerhaapt net diskriminéiert par rapport zu deene jiddeschen. Ech giff lech also bieden, mat dem historiesch virbelaaschte Wuert „Apartheid“ méi virsechteg emzegen!

Net zilféierend ass dann och eng unilateral Unerkennung vu Palästina. Iwwregens aus deene selwechten Ursaachen, wéinst deenen Dir gëschter selwer d'Décioun vum Här Trump an der Jerusalem-Fro kritiséiert hudd. Ech hunn an dësem Kontext och net een héichkarätege Politiker an Europa héieren, deen sou eng eesäiteg Unerkennung gefuerdert hätt.

Bref, eesitegen Israel-Bashing an eng Free-Rider-Diplomatie si net zilféierend. A féiere secher net séier zu enger Zweestaateléisung, déi par ailleurs déi eenzeg realistesch Optioun fir Friden an dëser Regioun ass.

Här Prääsident,

Eng zweet Remarque betrëfft déi generell Situatioun am Noën Osten: Den Israel-Palästina-Konflikt, een vun deene eelsten a längste Konflikter an dëser Regioun, gëtt oft vu Politiker – ënner anerem och vum Här Asselborn - , als sougenannte „Mamm vun alle Konflikter“ an dëser Regioun vun der Welt duergestallt. An datt eng Léisung vun dësem Konflikt de Noën Osten giff generell befridden.

Dës Feststellung, déi vläicht virun 15, 20 Joer eng gewëssen Richtigkeet hat, ass haut vun der Realitéit iwweholl. Ech giff nämlech behaupten, datt souguer – a mir wäeren déi éischt, déi eis giffen doriwwer freeën - wann et giff zu enger definitiver Friddensléisung tëschent Israel a Palästina giff kommen, domadden leider déi aner Krisen an dëser Regioun net giffen entschärft ginn. An ech denken hei an éischer Linn natierlech u Syrien, awer och un de Jemen.

Wat ech domadden wëll soen, ass datt haut déi Situatioun am Noen Osten nach vill méi oniwwersiechtlech a komplex ginn ass, wéi sie dat nach virun enger Rei vu Joeren war. Well och ëmmer méi vu neien Akteuren hei wëllen eng geopolitesch Roll spillen. An hei denken ech un éischer Linn u Russland, den Iran, awer och un d'Türkei.

Grad dën iwwebewerten Isarel-Palästina-Konflikt muss also méi nuanciéiert gekuckt ginn. An dat ass a leschter Zäit vun der Lëtzebuerger Aussepolitik, déi hei éischer ze vill wéi net genuch aktiv ass, net ëmmer geschidd. Mir kënnen dat emotional verstoen. Mee rational ass et secher e kontraproduktive Wee. An op de Noën Osten wierklech d'Bühn ass, wou dann och nach den Akteur Lëtzebuerg kann an enger weltpolitescher Nieweroll eng aussepolitesch Valeur ajoutée bäidroen, ass méi wéi fraglech.

Mir si jiddefalls der Meenung, datt grad de No-Ost-Konflikt e Paradebeispiel ass, wou Europa muss mat enger Stëmm schwätzen. Hei ass déi europäesch Aussepolitik als Ganzt mat enger globaler a kohärenter Strategie gefuerdert. An et ass net un eenzelne Länner, fir sech hei op Käschte vun aneren oder vun der Saach ze profiléieren.

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

ech hat virdrun scho vun der Türkei geschwat. An ech wëll och elo – zumindest rhetoresch - op de Bosphorus zeréck.

Wëll och wann déi tierkesch Regierung den däitsch-tierkesche Journalist Deniz Yücel elo kierzlech no engem Joer ouni konkret Uklo endlech fräigelooss an ausreese gelooss huet, soll een sech dach kengen Illusiounen higinn, wat d'Situatioun generell vun de Menscherechter, awer och besonnesch d'Situatioun vun der Meenungs- a Pressefräiheet ugeet.

D'Erdogan-Türkei ass wieder am Gang mat Riese-Schrëtt an eng Autokratie ze steieren. An domadden ëmmer méi wäit wech vun enger Memberschaft an der Europäescher Unioun.

Dobäi kënnt, datt d'Islamiséierungspolitik vum Präsident Erdogan konsequent fortgefëiert gëtt an och op dësem Punkt d'Türkei ëmmer méi wäit vun engem laizisteschen Staat ewechréckelt, deen u sech de Staatsgrënner Atatürk agefëiert hat an deen iwwer lang Joerzengten och guer net sou schlecht funktionnéiert huet.

Et muss een dann och feststellen, datt déi türkesch Bevölkerung gespléckt ass. Haaptsächlech zwëschent deene Mënschen, déi an der anatolescher Provënz wunnen an den Türken, déi an de Grousstied a ganz besonnesch zu Istanbul sinn. Dëst Land ass also déif gespléckt. An d'Politik vum Präsident Erdogan mecht dëse Gruew all Dag méi breet.

Ech mengen, datt entretemps keen sech méi an der Europäescher Unioun iergendwéi déi geringsten Illusioun mecht, dass kuerz- oder mëttelfristeg iergendwéi eng Chance besteet, datt dëst d'Land vollwerteg Member an der Europäescher Unioun kann a wert ginn.

Nach - an och do si mer eis sécherlech hei am Haus iwwer all Parteigrenzen ewech eens – muss den Dialog wieder oprecht erhaalen ginn. Ganz besonnesch mat deene ville Mënschen, déi net op der Linn vum Präsident Erdogan a senger AKP leiën.

Mee Dialog kann awer net méi Schmusekurs mam Här Erdogan heeschen. Hei brauche mer sécherlech méi eng ferme Approche vun der EU.

Wëll, Här Ausseminister, mir ënnerstëtzen selbstverständlech Ären Appel zur Fräilassung vun allen inhaftéierte Biergerrechtler an der Türkei.

An och Ären Opruf fir e Stop vun der Afrin-Offensiv.

Mee mengt Der wierklech, dat giff den Här Erdogan beandrocken ?

Mir mengen villméi, dass a Saache Türkei definitiv d'Zäit vun den Appelën an Opriff riwwer ass.

Mir müssen duerfir d'Bäitrëtsverhandlungen mat Ankara séier op Äis leeën. Et ka jo net sinn, dass hei monter weider verhandelt gëtt, wéi wa näischt wier, während d'Türkei sech real- a wertepolitesch ëmmer méi vun der EU ewechbeweegt.

Dobäi kënnt, dass déi türkesch Offensiv géint d'YPG och ee Konflikt ënnert Alliéierten bannent der Nato duerstellt, nämlech tëschent Ankara a Washington. Och hei muss een sech emol seriös Froen stellen, wat Bündnissolidarität och onofhängeg vum Artikel 5 vum Washingtoner Vertrag heescht.

Ech muss lech jiddefalls soen, dass hei fir meng Fraktioun an och fir mech all Grenz vun all Toleranz iwwerschratt ginn ass, well sou e Behuelen vun engem Land, wat wëll an déi Europäesch Unioun kommen, net ze toleréieren ass.

D'Situatioun am Noen Osten ass also méi opgewullt wéi jemols virdrun. An de Konflikt tëschent Saudi-Arabien an dem Katar respektiv de Golfstaaten dréit secherlech net dozou bäi hei méi Rou ranzékriën.

Dobäi kënnt déi schwierig an och deelweis tragesch Fro vun de Kurden. Grad wëll sech wahrscheinlech den Dram vun dësem grouse Vollek, dat eis bei der Lutte géint den IS entscheidend ënnerstëtzt huet, no engem eegene Staat sou bal net wäert verwierklechen.

Ech muss an dësem Kontext awer och nach eng Kéier op d'Roll vu Saudi-Arabien ze schwätzen kommen. A ganz besonnesch op deen ëmmer méi groussen Afloss vum Wahabismus anzegoen, dee sécherlech och een vun de Grënn ass, dass et an enger ganzer Rei vun arabesche Länner zu enger Islamiséierung kënnt.

Ech hunn haut an hei d'Zäit elo net, op dës Entwécklung an deene leschte Joerzengten anzegoen. Ech giff just hei wëllen an Erënnerung ruffen, dass vill

arabesch Länner – an ech denken do virun allem u Länner wéi de Libanon, Ägypten sou wéi och zum Deel d'Maghreb-Staaten – réischt ënnert dem Afloss vum Wahabismus an de leschte Joerzengten an d'Richtung vun islamesch geprägte Staate gangen sinn.

An ech giff Iech, léiw Kolleginnen a Kollegen, fir déi, déi sech duerfir interesséieren, mol eng Kéier invitéieren, d'Fotoën ze kucken aus den 1950er an 1960er Joeren ze kucken. Ganz besonnesch aus dem Libanon an och aus Ägypten. Natierlech och aus dem Iran. An do gesidd Der, ganz aner Biller, wéi déi vun haut. Dat war déi Zäit, wéi Beiruth nach d'Paräis vum Orient war.

Et kënt dobäi, datt déi Islamiséierung keen Halt am arabesche Raum mecht, mee virugeet a Länner aus dem asiatesche Raum. An do denken ech virun allem u Pakistan – iwwregens och eng Atommuecht – an Indonesien.

Ganz besonnesch dat lescht genannt Land ass jo nach viru Joeren eigentlech als e liberalen an oppenen Modell vun engem Land mat enger Majoritéit vu muslimesche Bierger duergestallt ginn.

Déi Nouvellen, déi eis an de leschte Wochen aus dësem Land kommen, loossen et engem kaal de Réck roflaafen, wann een héiert, datt do Fraen – et si meeschten sie, déi déi éischt Affer vum Islamismus sinn, déi sech net honnertprozenteg reliounskonform verhaalen op ëffentleche Plazen ausgepeitscht ginn.

Dat indonesescht Parlament ass saiséiert mat enger Demande, fir d'Homosexualitéit an dësem Land ënner Doudesstrof ze setzen. Hei si mer also net méi am 21., mee am 11. Joerhonnert!

Ähnlech Téin kommen aus Pakistan, wou Net-Muslimen – egal, op dat Atheisten oder Chrëschte sinn – och d'Doudesstrof riskéieren.

An och am Bangladesch, wou lo rezent per Gesetz d'Alterlimite fir Meedercher, fir bestued kënnen ze ginn, op null Joer rofgesat ginn ass. Dat heescht, hei kënnen also scho Kanner vun der Geburt un bestued ginn. Sou zwar, datt haut hei all drëtte Mariage mat engem Meedchen ënner 15 Joer ass.

Awer och op de Philippinnen sinn, a gewëssenen Deeler, d'muslimesch Milizen am Gangen ze verischen, d'Kontroll vu ganze Regiounen ze iwwerhuelen. An och do wëllen Kalifater opzeriechten.

Ech hat an dësem Zesammenhang och schon d'lescht Joër vum Balkan geschwat. An hei ganz besonnesch vu Bosnien-Herzegowina, wou Saudi-Arabien am Gang ass, de Bau vu Moscheeën massiv weiderzedreiwten an d'Mënschen dohannen och finanziell ënnerstëtzt, wa se da bereed sinn, zum Islam ze konvertéieren.

Alles dat, Här Prësident, sinn Tendenzen, déi mat eise Werten vu Fräiheet, Gläicheet vu Frau a Mann, Respekt vu Minoritéiten a vun anere Reliounen näischt méi ze dinn huet.

D'Gefoer vun enger Islamiséierung am Sënn vun engem radikalen Islam, dem säin Aflossgebidd ëmmer méi grouss gëtt, ass also net ze ënnerschätzen. An ass virun allem mol eng Gefoer fir déi vill, an ech giff soën déi iwwergrouss Majoritéit vun moderéierten a liberale Muslimen, déi näischt mat sou extremen Tendenzen um Hut hunn. An déi d'ailleurs déi éischt Affer vun dëser Islamiséierungswell sinn.

Fir net falsch verstan ze ginn: Mir geet et hei net ëm eng Kritik um Islam u sech. Mee um totalitären a fundamentalistesche Radikal-Islam, dee sech eigentlech säit dem fréie Mëttelalter net weider entwéckelt huet. Ganz am Géigendeel heiansdo.

Ech giff duerfir nach emol een Appel maachen, datt mer ganz besonnesch, wat eis Relatiounen mat Länner wéi Saudi-Arabien oder dem Katar, mat dem mer jo geschwënn souguer eng direkt Fluglinn wäerten hunn, ugeet, extrem virsichtig ze sinn. An och versichen an all deene Länner déi moderéiert Parteien a Mouvementer ze ënnerstëtzen. An ech denken do un eent vun deene wéinege Länner, wat an deene leschte Joeren positiv evoluéiert huet. An dat ass Tunesien. E Land, wat mir och weider sollen, souwuel um Niveau vun der Europäescher Unioun wéi och vu Lëtzebuerg, ënnerstëtzen.

Här Prësident,

dat sougenannt „Arabescht Fréijoer“ huet also leider – vläicht wéi gesot mat der Ausnahm vun Tunesien – de Populatiounen an deene betroffenen Länner weder Wuelstand nach Demokratie bruecht. Deelweis ass hir Situatioun haut souguer nach méi schlecht, wéi virdrun.

Dëst alles soll een awer net découragéieren, well mir hunn lo an der Flüchtlingskris gesin, wéi no datt déi Lännner och eis an Europa sinn. An datt et eis also net egal sinn, wat sech alles an dem Noen Osten ofspillt. Well all zousätzleche Krich bréngt och rëm nei Flüchtlingswellen, déi dann och virun allem sech Richtung Europa bewegen.

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

ech bewegen mech dann e bësselchen méi Richtung Afrika, wou ech och nach méi spéit op Froen vun Migratioun an Entwécklungshëllef a ginn. Ech wollt elo just op d'Situatioun vun engem Land opmierksam maachen, wat och ëmmer mengen ech an Afrika selwer an och doriwwert eraus Modellcharakter hat. An dat ass Südafrika.

Mir wëssen, datt de Präsident Zuma säin Hutt huet missen huelen. An dat no Joeren vun Korruptioun, déi dann och zu engem grouse Stëllstand an dësem Land gefouert huet.

Et kann een nëmmen hoffen, datt mat dem neie Präsident och ee neie Wand wäert bloossen. An datt virun allem dëse Präsident der Korruptioun de Kampf wäert usoen.

Wat mech awer ganz besuergt mecht, ass dat dat südafrikanescht Parlament viru kuerzem eng Motioun ugeholl huet, déi dozou opriff, all déi wäiss Farmer ze expropriéieren an der schwaarzer Bevëlkerung déi Farmen zouzeféieren.

Et muss een duerfir dës Entwécklungen ganz genau verfollegen. Well et ass net akzeptabel, datt no Joerzengten Apartheidsregime géint déi schwaarze Bevëlkerung elo eng ëmgedréinten Apartheid géint déi wäiss Bevëlkerung wäert entsoen.

D'Beispiel vum Präsident Mugabe am Simbabwe weist jo, wéi ee virun wirtschaftlecht staarkt Land bannen nëmmen e puer Joer sech zeréckentwéckelt huet. An elo rëm zu deenen ärmste Länner um afrikanesche Kontinent zielt.

Här Präsident,

Ech wieselen de Kontinent a ginn vun Afrika riwwer an Amerika. A soen lech just e puer Wieder och zu den USA an hirem Präsident, dem Här Trump.

Hei ass et sou, datt all Kéiers wann ee mengt et hätt een de Fong erreecht den Här Trump ëmmer rëm mat enger neier Iwwerraschung opwaard, déi engem dann ëmmer rëm weist, datt et mat dësem Präsident nie wäert um Enn vun den Iwwerraschungen ukommen.

Net méi spéit wéi gësch guff elo den amerikaneschen Ausseminister Rex Tillerson, eigentlech e verstännege Mann, via Twitter vum Chef entlooss. Och wëll en ëmmer méi eng multilateral Verhandlungsschinn wollt fueren, wéi säi Patron. Grad och am u sech gudden Deal mam Iran.

Déi lescht Iwwerraschung hu mer awer och nach net erliewt bei de rezente Stroftaxen, déi den Här Trump jo géint den europäesche Stol lo per Dekret agefouert huet. An domadden all Prinzipien vum Fräihandel iwwer Bord gehäit huet. An dat mat där fadenscheiniger Begrënnung vu nationale Sécherheetsursaachen.

Dëst ass net akzeptabel. Hei geet et ëm soss näischt, wéi ëm amerikanesch Innenpolitik. An ëm ee Präsident, deen virun allen wëll dee massiven Drock, dem hien duerch sech Connections mat Russland an der Walcampagne ausgesaat ass, iergendwéi wëll kompenséieren mat nationalisteschem Populismus a Form vun engem kontraproduktiven Protektionismus, verbonnen och mat bëlleger Rhetorik.

Dat dierfe mir eis als Europa net gefaalen loossen. D'Europäesch Kommissioun mat hirem Präsident Jean-Claude Juncker un der Spëtz muss hei séier reagéieren. A mir hu vollt Vertrauen, datt sie hei déi richteg Äntwerten gëtt.

Mir müssen hei nämlech mat enger europäescher Stëmm a Strategie dogéint haalen. A wann et muss sinn, müsse mir hei och déi entsprechend Géigemesuren am Rumm vun de Regeln vun der Welthandelsorganisatioun huelen.

Allerdengs, an och dat muss kloer sinn: mir dierfen hei net dem Drock vum Här Trump noginn an eis herno mat faule Kompromisser zefridde ginn. Duerfir plädéiere mir och duerfir, datt méiglechst schnell d'Europäesch Unioun eng Prozedur wéinst Violatioun vun de Prinzipien vum Welthandel bei der

Welthandelsorganisatioun WTO areecht. Well et geet schlussendlech och hei, ëm d'Fro vun der künfteger Existenz vun dëser Organisatioun an dem Welthandelssystem.

Et geet nämlech virun allem ëm déi Fro, wéi et an enger globaliséierter Welt mam fräien Handel virugeet. Wëll wa mir eis all Dag méi wäit vum Multilaterlismus bewegen, wäert dat eendeiteg e Réckschrëtt generell an den Internationale Relatiounen bedeiten.

Här Präsident,

erlaabt mer hei just eng Klammer: ech ka mech nach perséinlech gudd un déi hefteg Diskussiounen erënnern, déi mer op dëser Plaz haaten wat e gewësse Fräihandelsafkommen ugeet a wou d'Globaliséierungsgéigner géint dës Freihandelsaccordën massiv op d'Strooss gange sinn. Ech hoffen, datt all déi Leit elo gesinn, wou mer eis hibewegen, wann et keng global multilateral Fräihandelsafkommen gëtt. Nämlech an een Handelskrich mat net ofschätzbaren Konsequenzen fir déi international Wirtschaft a ganz besonnesch d'Arbeitsplazen an domadden d'Existenz vu ville Mënschen op dëser Welt.

Ech hunn haut an hei net d'Zäit am Détail op dëss awer sou wichteg Thematik anzegoen, wäert lech awer, Här Präsident, d'Demande vu menger Fraktioun hei iwwerreechen, fir no der Ouschtervakanz sou séier wéi méiglech eng Debatt iwwer dësen och fir eist Land dach sou wichtige Sujet op den Ordre du Jour ze setzen.

Här Präsident,

zum Schluss vu mengem geopoliteschen Tour duerch d'Welt e puer Wieder zu de Relatiounen tëschent EU a Moskau och am Kontext vum Ukraine-Konflikt.

Ech deelen hei d'Aussoen vum Sigmar Gabriel op der Secherheetskonferenz, datt mer hei sollen Sträitfroen mat Russland mat enger neier Ambitioun ugoen.

Mir befannen eis hei de Moment an enger Eskalatiounslogik, wou mer eigentlech gemengt haaten, déi wäer säit dem Enn vum Kale Krich depasséiert. An et si sécherlech Leit, déi dësen Trend wëlle viruschreiwten an déi eigentlech gudd mat sou engem Retour vu Groussmuecht-Konfrantioun a Rëm-Opliewen vum Kale Krich gudd kënne liewen.

Mir sollen dat awer op kee Fall matmaachen. A mir sollen ëmmer rëm versichen dee sécherlech schwierigen Dialog mat Moskau am Här Putin rëm opzehuelen.

D'Leiden an den Doud vu ville Mënschen an der Ukraine ass aleng Grond genuch, eben net sech hannert enger Positioun vun opgeregter Verschlossenheet ze verschanzen.

Well och fir Russland a ganz besonnesch fir d'Wirtschaft an dësem groussen Land ass eng Zesummenarbecht mat Europa onerlässlech. An dat och am Interessi vun enger stabiler russescher Gesellschaft.

An hei musse mir eis alleguer och agestoen, datt grad de Westen zanter 1989 Russland ze séier ofgeschriwwen an och vernoléisseg huet. Verschidden Observateueren schwätze souguer vun enger Demüetung. Fakt ass jidferfalls, datt et ouni Russland keng nohalteg a friddlech Weltuerdnung am 21. Joerhonnert wäert ginn.

Awer, Här Präsident, an et ass ee groussen Awer virum Hannergrond vum aktuelle Vergëftungsskandal a Groussbritannien: Russland mecht eis et wierklech net liicht. A sech selwer och net.

D'Fakten vun der Affaire ëm de fréiere russeschen Duebelagent Sergej Skripal a seng Duechter si nach net all kloer. Awer dach schengt et sou ze sinn, wéi wann d'Nervegëft „Nowitschok“, mat dem de 4. März de Papp an d'Meedchen op enger Parkbänk zu Salisbury vergëft gi sinn, eendeiteg aus Russland kënnt. An aller Wahrscheinlechkeet no, handelt et sech, sou d'Premierministerin Theresa May, ëm eng classesch russesch Geheimdengschooperatioun wéi zu schlëmmste Sowjetzäiten.

Hei muss Europa – Brexit hin oder hier – zesummestoen! Hei muss och déi westlech Wertegemeinschaft zesummestoen. Mir alleguer, déi mir eis Europäer nennen, dierfe London hei net am britesche Reen alleng do stoen loossen. Wëll et ass absolut intolerabel, datt eng friem staatlech Muecht hei eng Attack géint Leit op europäeschem Territoire vollzidd!

Et giff mech deemno hei och interesséieren, fir d'Vue vum Här Ausseminister an och déi geplangten Aktiounen vun der Regierung an dësem Dossier ze héieren, dee gëschter net traitéiert ginn ass.

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

Ee friddlecht 21. Joerhonnert wäert et evidententerweis och net ouni China ginn. Duerfir och heizou een allerlescht Wuert. Wëll et ass eigentlech am Moment dat eenzegt Land op der Welt, wat eng global geostrategesch Visioun huet, an déi och konsequent opbaut. Op een dat elo muss begréissen, ass eng ganz aner Fro.

Mat dem Opstieg vu China wäerten sech jiddefalls d'Muecht-Gewiechter massiv a Richtung Pazifik verschieben an d'„One Belt One Road“-Initiative ass dann och, am Sënn vun dëser Visioun, de Versuch e neien Wirtschaftssystem am Interessi vu China ze etabléieren.

Dëst ass dat gudd Recht vu China sou eng Visioun ze entwéckelen. An och ze promovéieren. Nach muss ee wëssen, datt dëst net eisem Modell vu Fräiheet, Demokratie an individuelle Menschenrechter baséiert.

Nach hu mir awer all Interessi drun, an enger globaliséierte Welt de Kontakt mat China ze sichen. Ganz besonnesch och um wirtschaftleche Plang. Grad an Zäiten, wou d'USA am Gange sinn sech rëm an de Protektionismus zeréckzezéien.

Här Präsident,

erlaabt mer dann nach op den Thema Migratioun iwwerzegen. Een Thema, dee vläicht mam Klimawandel déi gréissten Erausforderung ass, déi sech der Welt, awer och Europa an deene nächste Joeren wäert stellen.

Ech hat am Ufank vu menger Interventioun gesot, datt d'Geschicht gewiss huet, datt eng reng Abschottungspolitik keng Leit dovun ofhält, awer ze versichen anzewanderen.

An et gehéiert duerfir zur politescher Eierlechkeet, unzuerkennen, datt de Migratiounsdruck ganz besonnesch vum afrikanesche Kontinent an de nächste Joeren net wäert noloossen.

Et kann een natierlech d'Areer an Europa méi schwéier maachen. All Land ka seng Asil-Gesetzer wesentlech verschärfen. Un der Attraktivitéit vun der

Wuelstandsinsel, déi nun eemol de Käer vun Europa duerstellt, ännert dat näischt.

Europa grenzt nun emol direkt un Asien an Afrika: zwee Kontinenter mat ongebrachten Bevölkerungswuestem. D'Geographie ass eben eng Konstant, déi ee net ännere kann. Am Géigendeel iwwregens zur enger vill ze grousser Wuelstandsschéier. Duerfir ass et net nëmmen moralesch richtig, mee och an eisem ureegensten Interessi dëst Wuelstandsgefäll vu Nord no Süd méiglechst séier nohalteg ofzeflaachen.

Wëll, Dir Dammen an Dir Hären, ech wees net, wien vun Iech schon um Flughafen zu Dakar war. Do gëtt et ee kleng Schalteschalter, dee wann een ukënnt do ass fir d'Betreiung vun deenen Senegalesen, déi fräiwëlleg aus Europa an hirt Land zeréckkommen.

Dëse Schalteschalter ass ëmmer eidel. Wëll keen aus Europa zeréckkënnt a fräiwëlleg scho guer net.

Dësen eidele Schalteschalter ass ee villsoënd Symbol duerfir, wéi verschidden Europa an Afrika iwwer Migratioun denken.

D'Europäer gleewen mat e puer Milliarden Europa a Betreuungsprogrammen fir Mënsche, déi wëllen zeréckgoen, kënnt een d'Afrikaner vun Europa ewech haalen.

Déi aner, also d'Afrikaner, gesi wéineg Grond duerfir, net hiert Gléck ze versichen. Weder déi einfach Leit nach par ailleurs hir Regierung.

Fir beim Senegal ze bleiwen, ass et sou, datt dëst Land ëmmer manner bereet ass, Flüchtlingen aus Europa zeréckzehuelen. Duerfir hunn sie awer elo an hirem Walsystème agefouert, datt d'äer an Europa geflüchten Diaspora elo zéng Prozent vun de Sëtzer am Parlament automatesch zoustinn. Dëst ass also een Zeechen vu Unerkennung fir déi, déi et gepackt hunn, mat hiren Iwwerweisungen an hir Heemecht vill fir déi ze maachen

Et ass duerfir och e wäit verbreeten Iertum ze mengen, datt d'Migratioun aus Afrika automatesch erofgeet, wann d'Armut zeréckgeet. De Géigendeel ass de Fall. Empiresch Studien weisen, datt wat d'Akommen vun de Leit méi rop geet, d'Migratioun zouhëllt.

Firwat ass dat sou? Mee ganz einfach, wëll ëmmer méi Mënschen sech déi deier Rees an Europa kënnen leeschten.

Wann ee wees, datt d'Bevëlkerung sech an Afrika laut de Vereente Natiounen bis 2100 – also a gudd 80 Joer - op véier Milliarden Mënschen wäert verfierfachen, dan muss een dovun ausgoen, datt d'Migratioun weider wäert ropgoen. An dat virun allem aus dem subsahareschen Afrika.

Dëst alles léist een also net allzevill optimisteschen an d'Zukunft kucken. Nach dierf dat alles awer och keng Ausried sinn, fir näischt ze maachen.

Mir müssen eis nämlech bewusst sinn, datt wa mer et net wäerte färdeg brengen, d'Awanderung an Europa, an eis Länner ze steieren, datt de Widerstand vun der Bevëlkerung wäert wuesen. An datt populistesch a riets-extrem Parteien domadden Waasser op hir Mille wäerte kréien.

Mir müssen weider ganz besonnesch an Europa op eng gesamteuropäesch Léisung histéieren. Doniewent müssen d'Aussegrenzen endlech geséichert ginn. An et muss och zu enger vill méi konsequenter Retourën vun ofgeleentenen Asilbewerber kommen.

All dëss Mesuren wäerten awer fundamental un dem groussen Migratiounsdrock änneren.

An erlaabt mer awer hei, Här Prääsident, vläicht e puer Iwwerleeungen ze maachen, wéi een och eis Politik mam afrikaneschen Kontinent muss seriös iwwerdenken.

Fir d'alleréisch muss mir eis an Europa bewusst ginn, datt Europa sou lang an den Dreem vun der afrikanescher Jugend wäert präsent sinn, wéi sie keng eegen Dreem an hire Länner hunn.

Zweetens muss och eis europäesch awer och lëtzebuergesch Entwécklungspolitik onbedengt alles ënnerhuelen, datt d'Geburtenraten erfoginn an d'Bevëlkerungsexplosioun gestoppt gëtt.

Wann d'Leit duerch eng besser Gesondheetsversuergung nämlech keng Angscht méi müssen hunn, datt hinnen eenzelner vun hire Kanner ewechstierwen, da brauchen se duerfir och manner Nowues ze kréien. An domadden wäer scho ganz vill erreecht.

Awer och eng besser Bildung kann hei dozou bäidroen, d'Gebuertenunzuel ze bremsen.

Här Präsident,

erlaabt mer hei ganz besonnesch, wat d'Gesondheetsversuergung ubetrëfft, eng Remarque: dat ass d'Thematik vum sougenannte „Brain Drain“. Also vun der Tatsaach, datt déi beschte Leit, déi dëss Länner hunn, hiert Gléck an Europa oder soss entzousch op der Welt sichen.

Ech erënneren an dësem Kontext och un déi fir mech relativ onsënneg Diskussioun vun de syreschen Dokter, déi mer onbedengt an Europa bräichten.

Ech welllech just hei zwee Beispiller ginn, déi mer vun engem Dokter iwermëttelt gi sinn, deen selwer ganz aktiv an der Entwécklungshëllef besonnesch am Gesondheetssecteur ass.

Et geet hei méi präzis ëm Guinea a Sierra Leone.

Guinea huet an de leschte Joeren 75 Prozent vun all sengen Dokter verluert, déi ausgewandert sinn.

Nach méi schlëmm ass et a Sierra Leone. E Land, wat och extrem grouss Problemer an der Gesondheetsversuergung huet. Do ginn et lo, Dir Dammen an Dir Hären, ganz genau nach 130 Dokter fir sechs Milliounen Mënschen. A vun deenen 130 Dokter si genau 15 Leit Spezialist. Nach emol: fir e Land mat sechs Milliounen Mënschen.

Et ass dann och falsch, ëmmer erëm déi bescht an héchstqualifizéiert Spezialisten aus dësen Entwécklungslänner bei eis ze lackelen. Domadder geheie mer déi Länner an hirer Entwécklung ëm Joeren zeréck. An den Drock vun der Migratioun geet domadden all Dag an d'Luut.

Drëtt a lescht Bemierkung zu dësem Sujet:

Matgefill fir den afrikanesche Kontinent an déi Mënschen dohannen ass gudd. Besser awer wäer et, Afrika als Maart unzegesinn. Afrika brauch manner Entwécklungshëllef a méi Martwirtschaft, brauch méi Investitiounen wéi Almosen.

Also och d'europäesch Firmen an d'europäesch Politik mat all hirem gudde Wëllen an Engagement kënnen alleng dëss Erausforderungen net schëlleren, wa net op där anerer Säit och déi politesch Verantwortlech an deene Länner agesinn, datt et nëmmen iwwer Zesummenarbecht a Partnerschaft ka goen, wou et Rechter a Pflichten op deenen zwou Säiten gëtt.

Dëst gëllt iwwregens och fir eis exemplaesch Lëtzebuerger Entwécklungskooperatioun. Grad, awer net just an Afrika. Wëll hei geet ëm Hëllef zur Selbsthëllef. Hei geet et ëm gezilte Projeten. An och de langfristegen a nohalten Rëmobbau vun eisen Zillänner. D'CSV, déi dëss Kooperatioun mat initiéiert huet, steet méi wéi je souwuel zum Prinzip vun eiser Kooperatioun, wéi och zum Volume an Héicht vun engem Prozent vun eisem RNB.

Ech wëll ofschléissend zu dësem Punkt soen, datt een den afrikanesche Kontinent net eescht huet, wann ee nëmme Problemer a keng Chance gesäit. Wann zum Beispill en däitsche Mëttelständler eng Fabrik am Vietnam opmecht, wäer dat jo eigentlech och an Afrika méiglech. Ganz besonnesch chinesesch, awer och türkesch Investisseurën beweisen grad elo, wou gudd Geschäfte ze maachen sinn. A vill, ganz besonnesch asiatesch Investisseurën gesinn an Afrika dee Kontinent mat dem gréisste Potenzial an deene nächste Joerzengten.

An dat ass och richtig. Wëll grad, wann een an déi mëttelfristeg Zukunft vun dësem schéine Kontinent bléckt, huet Afrika eng grouss an eng villverspriechend Zukunft viru sech. Wëll Afrika een hellen, ee jonken, een dynamesche Kontinent mat exzellenten ekonomesche „Fundamentals“ ass. An iwwregens och mat ville Rohstoffe.

Fir d'Europäer ass Afrika awer leider nach ëmmer e Kontinent vun der Angscht. Et ass awer wichteg, datt Afrika rëm e Kontinent vun der Hoffnung a vum Courage gëtt. Virun allem am Interessi vun de jonken Afrikaner. Mee och an eisem eegene, wuelverstanenen Interessi.

An dësem Interessi, an iwwregens och am Interessi vun Afrika, ass ee fräien, awer och faire Fräihandel. Fir eis bleiwt hei virun allem de CETA ee Modell, op dem ee kann a muss opbauen.

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

De jonke Kontinent Afrika brengt mech zu mengem leschte Kapitel an domadden och rëm zeréck op eisen Ale Kontinent. Ee Kontinent, vun dem ech mer heiansdo giff wënschen, hie wier grad sou jonk am Geescht wéi Afrika.

Et handelt sech hei natielerch ëm Europa an d'Europäesch Unioun.

Och hei guff et an dësem, awer och am leschte Joer eng Rei vu Réckschléi. Obschons vill Observateurën jo nom Brexit éischer vun enger neier europäescher Opbrochstëmmung geschwat hunn. An déi ass och nach do.

Mee et guff awer och elo déi zerent Wal an Italien, wou europaskeptesche a populistesche Kräfte eendeiteg gestärkt si ginn.

Europa ass eben keen einfache Kontinent. An d'Geschicht vun der Europäescher Unioun gläicht éischer enger Achterbahnfahrt, wéi enger perfekter Progressioun.

Mir hu jiddefalls als CSV souwuel de Message aus Groussbritannien wéi och de Message lo aus Italien héieren. A grad wëll mir eng proeuropäesch Partei sinn, musse mir och europakritesch Stëmmen eescht huelen. A méi nach d'Suerge vun de Leit, déi virun allem konkret Äntwerten op hir Alldagssuerge wëllen. An dëst Europa vun de Resultater ass doch déi bëscht Äntwert op déi destruktiv Europakritik vun den Extremisten.

Duerfir plädéiere mir och à court terme fir den Szenario 3 vum sougenante Käereuropa. Allerdengs muss et een oppene Käer sinn, deen weder een Zwee-Klassen- nach een Europa à la carte schafft. Mee et kann awer och net sou sinn, datt eng kleng Minoritéit déi aner Memberstaaten um Weidergoen hënnert. Grad hei erwaarde mir eis och vill vum däitsch-franzéische Motor, wann deen lo rëm richtig dréint. Den däitsche Koalitionsaccord geet jiddefalls an déi richtig Richtung.

Grad a Saache Resultater well ech hei awer ufänken mat enger anerer Feststellung, déi ech praktesch all Joers bei dëser Debatt maachen. An déi mengen ech och vu jidferengem gedeelt gëtt.

Mir hunn, wa mer als Europäer wëllen um Terrain vun der Aussepolitik eescht geholl ginn, eng Aufgab, nämlech déi zesummenzeschaffen a mat enger Stëmm dobaussen opzetrieden.

Déi eenheetlech europäesch Aussepolitik ass allerdengs nach lang net entwéckelt genuch. A wann Europa an Zukunft mat senge just nach 27 Memberstaaten net kapabel ass, een eenheetlecht Signal u grouss Länner wéi - elo och am Kader vum Handelsstait – un d'USA, u China, u Russland, un Indien ze schécken, mee wa mer rëm alleguerte mengen, mir missten d'Aussepolitik national maachen. A jidferen wëllt rëm dobaussen selwer e Player an der grousser Welt sinn, da geet dat genee sou schief, wéi um Ufank vum leschte Joerhonnert.

Hei hu mer also nach e ganz grousst Stéck vum Wee virun eis. Mee nëmmen, wa mer dëss Erausforderung erfollegräich schëlleren, wäert Europa an Zukunft eng geopolitesch Roll spillen.

Firwat ass dann iwverhaupt eng gemeinsam Aussepolitik, eng gemeinsam Verdeedegungs- an eng gemeinsam Entwécklungspolitik fir Europa vu sou grousssem Interessi?

Ech mengen d'Äntwert läit an der europäescher Noperschaft, wann ee wees, datt et virun eiser Hausdier ass, wou sech e Groussdeel vun de globalen Konflikter ofspillt. Ech hu jo lo grad den Tour dovunner gemaach.

Mir hunn dat 2015 erliewt, well eigentlech do d'Globaliséierung, an dësem Fall a Form vun Honnerttausenden vu Flüchtlingen bei eis komm sinn, well keen sech ëm sie an hirem Heemechtsland, a Syrien, gekëmmert huet.

Grad sou, wéi keen sech deemols ëmt d'Situatioun am Irak gekëmmert huet. An dat selwecht wäert eis och rëm bléien, wa keen sech ëm d'Situatioun haut a muer am Jemen an an Deeler vu Syrien këmmert.

Här Prääsident,

Mir sinn immens houffreg drop, datt mer eis eegen Währung, den Euro, hunn. Mee mir hunn eis leider nie genuch Gedanken gemaach, wat da passéiert, wann den Euro eng Kéier an enger Kris ass.

Mir sinn immens houffreg och, op de fräien Persounen- a Wuereverkéier, hunn eis awer och nie Gedanken doriwwer gemaach, wéi mer eis Aussegrenzen solle schützen. A wien bei eis erakënnt respektiv erausgeet.

An der Zwëschenzäit ass et mengen ech jidferengem kloer, datt mer eis Aussegrenzen wesentlech besser musse schützen. Duerfir ass Frontex opgebaut a muss och an de nächsten Méint a Joeren nach weider ausgebaut a verstärkt ginn.

Mir müssen awer och vill méi Ofkommen mat deene Länner maachen, an déi Flüchtlingen fir d'éischt ginn. Ech denken do natierlech un d'Türkei. Awer entretemps och u Syrien.

Wann ech hei soen Ofkommen, heescht dat virun allem, datt mer finanziell a logistesch déi Länner ënnerstëtzen. A net, wéi dat vläicht an de leschte Joeren de Fall war, alleng loossen.

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

mir sinn awer an Europa och duerfir responsabel, datt de Gap tëschent eiser Wuelstandsgesellschaft an Europa an den anere Kontinenter a ganz besonnesch dem afrikanesche Kontinent net méi grouss, mee au contraire méi kleng gëtt. Wëll och dat dreiwit d'Welt aus de Fugen, wéi ech et um Ufank gesot hunn. Mir müssen also, an ech hunn dat jo virdrun jo schon ausgeféiert, och eis Kooperatiounspolitik mam afrikanesche Kontinent op de Leescht huelen.

Mir brauchen awer och eng besser koordinéiert Verteidegungspolitik an der EU. Mir kënnen nämlech net op däer enger Säit d'Ambitioun hunn – an déi Ambitioun ënnerschreiw mir hei mat zwou Hänn – eis Politik méi onofhängeg vun de Vereenegte Staaten ze maan, a gläichzäiteg eis opzereegen, wann dann vun dese Vereenegte Staaten gefrot gëtt, datt Europa selwer méi ee groussen Deel vum Verteidegungsetat am Kader vun der Nato assuméiert.

Et ass richtig, datt alleng d'Konzentréieren op militäresch Oprüstung um Enn kee Friden séchert. Mir brauchen nach ëmmer de Courage fir ze verhandelen. Matennen ze schwätzen. Vertrauensbildung iwuer Grenzen an Ideologien a Reliounen ewëch.

Mir brauchen also méi Softpower. Mee och Softpower geet net ouni Hardpower. An duerfir muss d'Europäesch Unioun och méi an deene nächste Joeren an eng gemeinsam Verteidegungspolitik investéieren, déi natierlech muss komplementär zu der Nato sinn.

Mee Här Präsident, alleng mat Geld verännere mer d'Welt och net. Mir mussen eis als Europäer virun allem rëm op eis Werter konzentréieren.

A wann ech schon bei de Werter sinn, Här Präsident, da wëll ech och eng kleng Klammer maachen, an hei op dëser Plaz meng grouss Suerg zum Ausdrock brengen iwwert ee konstant klammenden Antisemitismus an de lëschte Joeren virun allem an Europa. Dëse geet ënner Ëmstänn souguer sou wäit, datt ëmmer méi jiddesch Matbierger, sou zum Beispill a franzéische Banlieuën, sech forcéiert gesinn, fir an Israel auszewandern. Dëst kann an dierf net sinn. An ech wier och frou, och hei emol eng kloer Ausso vum Här Ausseminister zu dëse reëlle Suergen vun de Leit ze héieren.

Eng wieder Suerg, Här Präsident, déi ech hunn, ass déi vum dueble Clivage, deen Europa am Moment duerchzidd. Mee am Fong ass et dee selwechte Clivage, nämlech deen vun der Solidaritéit. Fir d'éischt applizéiert op d'Migratioun. Hei handelt et sech ëm ee politeschen Ost-West-Gruew, vun dem mir gemengt haaten, mir hätten en iwwerwonnen.

An da gëtt et nach de Nord-Süd-Clivage a Saache Budget. Hei ginn et déi eng, éischer am Süden, déi méi a Richtung Transferunioun wëlle goen. An et ginn déi aner, éischer am Norden, déi vun esou enger Transferunioun näischt wëlle wëssen.

Hei wier et iwwregens och interessant, emo déi offiziell Positioun vu Lëtzebuerg an domadden och de Premier an dëser Fro ze héieren.

A wann ech schon beim Här Staatsminister sinn, da giff mech och seng Vue vun där rezenter Steierpolemik mam Kommissär Moscovici interesséieren. War Lëtzebuerg iwwert dëss Kommissiounskritik informéiert? A firwat war de Staatsminister dann iwwerrascht? A wéi ass elo den abléckleche Stand?

Wëll wa mir richtegerweis vun Europa fuerderen, fir mat enger Stëmm ze schwätzen, da giff ech mir dëss koordinéiert a kohärent Stëmm och innerhalb vun eiser eegener Regierung méi dacks wënschen. Wëll hei wees déi riets Hand dacks net, wat déi lenks mecht. Oder ëmgedréint.

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

Et bleiwt also um Schluss: Europa. An domadden virop d'Europäesch Unioun, déi an dëser opgewulltener Welt als eenzeg Kraft eigentlech de Lead kann iwwerhuelen.

Mee fir d'éischt emol muss Europa rëm zu sech selwer fannen, rëm u sech selwer gleewen. An déi innereuropäesch Zersplitterung iwwerfannen.

Ech si gudder Deng, datt mir dat zesummen als Europäesch Unioun, awer och als Gemeinschaft vun den Europäer packen.

Wëll hei geet et souwuel ëm eis europäesch Intérêten, wéi och ëm eis europäesch Werter.

A fir d'Verteidigung vun dëse Werter kënne mir eis eigentlech just nach op eis selwer als Werteprojet Europa verloossen.

Dat weist den ablécklechen Handelskonflikt mat den USA, deen aller Viraussicht no réischt um Ufank steet. Ee Konflikt iwwregens, an dem Europa vum Präsident Trump absolut keng Kadoën ze erwaarden.

Dat weist awer méi nach déi aktuell diplomatesch Kris, déi Groussbritannien, an domadden och Europa, mat Russland an der Vergëftungsaffaire huet.

Hei an iwwerhaupt heiheem – an Europa ass och eist Doheem - an an der Welt brauche mer eng staark europäesch Hardpower. Mir sinn hei politesch, wirtschaftlech, awer och strategesch um richtege Wee.

Virun allem brauche mer awer eng europäesch Softpower, déi d'europäesch Werter glaafwierderg an d'Welt eraus dréit. Virun allem, andeems mir souwuel Werte-Virbild, wéi och e Phare vun der Hoffnung sinn.

Fir d'éischt emol fir d'Europäer selwer. Awer dann och fir alleguer d'Länner vun dëser Welt.

An anere Wieder: e staarkt Smart-Europa muss de Werte-Lead am 21. Joerhonndert iwwerhuelen. Mat enger kloerer europäescher Strategie. Fir eng nei Welt vum Multilateralismus, déi der multipolarer Wierklechkeet vum Terrain entsprécht. Virun allem awer fir déi onverhandelbar Wüerd vum Mënsch.

Wëll wéi sot emol déi regrettéiert grouss Europäerin a Franzéisin Simone Veil:

« Se fixant de grandes ambitions, l'Europe pourra faire entendre sa voix et défendre des valeurs fortes : la paix, la défense des droits de l'homme, davantage de solidarité entre les riches et les pauvres. L'Europe, c'est le grand dessein du XXIème siècle. »

Ech soen Iech Merci fir Äer Opmierksamkeet!